

NEEN zum PAG!

Här Buergermeeschter, geéierte Gemengerot,

Fir d'éischt e grouse Merci un de Bureau d'Etudes Zeyen + Baumann, fir hir detailléiert Analysen a Presentatiounen iwwert d'allgemeng Liewensqualitéit, den Entwécklungszoustand, den Habit vu Mënsch, Flora a Fauna, an all intressanten Territorialreformen, betreffend eiser Heemechtsgemeng Péiteng.

Op dës technesch Urbanistiketude, muss elo folgerichtig eng politesch-empiresch Bewäertung kommen, well souwuel d'professionell Etuden, wéi och d'politesch Decisiounen zur Äntwert op d'Fro ginn, quo vadis Gemeng Péiteng? Mä ass dës neie Plan d'Aménagement, dat richtegt Konzept? Ass dat hei, e nohaltege Plang an eng gesond Strategie fir eng Gemeng an Zukunft, an eng Gemeng mat Zukunft?

Ech soen Iech, haut gëtt wuel eng Katastroph Realitéit.

Dir wësst, datt ech der Erkenntnes trei bleiwen, datt d'Gemeng Péiteng mat hirer Wuesstemspotenz sou lues um Enn ass, d'Liewensqualitéit ëmmer méi kapott geet, an déi organesch a sozial Liewensgrundlag bei der Däiwel geet. Dat Experiment wat dir hei mat der Gemeng Péiteng maacht, ass keng gesond Basis vu Gemengeliewen a scho guer kee politeschen Intellekt vu Generationalitéit. Et ass eng Hypothék op d'Land.

Dir wësst genee, datt weder d'Ressourcen, nach d'Kapassitéiten, weder d'Plaz, nach d'Moyen'en do sinn, fir datt d'Gemeng Péiteng getrei de Pronosticken vum PAG fonctionnéiere kann; dir ignoréiert oder verkennt d'bannescht Facteuren vu Natalitéit, Mortalitéit, Migratiounssaldo an d'baussecht Ëmweltfacteuren. Mat Ärer Politik erstéckt d'Gemeng Péiteng un Trafic, Bebauung, a Populatiounswuesstem. Dir férdert bewusst oder onbewusst d'Dekadenz vun all sozialem ekologeschem an ethnokulturellem Liewen an dir stellt d'Gemeng op d'Kopp mat där realitéitsfriemer Approche vun Demografie a Bevëlkerungsgeografie.

De PAG gesäit e Populatiounswuesstemszil vun 20.500 Awunner bis 2025 vir, mat enger „mir packen dat“-Previsioun vu 25.000 Awunner, an enger Wuesstemstendenz vu minimum 2% all Joer. Äert erkläertent Parteizil ass eng national Iwwerbevlkerungspolitik wou e Milliounenawunnerstaat geschaaf soll ginn, an äre gemengepolitesche Beitrag fir dësen extreme Populatiounswuesstem mat all senge Konsequenzen op d'Gemengeliewen an d'Liewensqualitéit ass géint d'Gesamtinteressi vu Péiteng.

E lescht Wuert, „d'trame verte“, et geet ëm d'ekologesch Planifikatioun, ëm d'Biodiversitéit, ëm ierdesch Preservatioun. Éierlech, eng gutt Noriicht! An uff, ee Gléck, se denken nach net u „gréngen Tram“, fir hei an d'Gemeng Péiteng!

se denken nach net u gréngen Tram, fir hei an d'Gemeng!

Joe Thein

Gemengeconseilljee